43e séance

Mercredi 28 avril 1999

Présidence

M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi

2. Débat d'actualité sur le premier bilan intérimaire concernant l'application de la législation en matière d'assurance dépendance *(Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.08 heures)

M. le Président.- D'Sëtzung as op.

Huet d'Regirung der Châmber eng Kommunikatioun ze maachen.

D'Mme Minister Mady Delvaux huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre des Transports.-* Här President, de Grand-Duc huet mech autoriséiert e Projet ze déposéieren, deen en existente Projet de loi iwwer d'Infrastructure ferroviaire ofännert, mam Titel :

- Projet de loi 4563 modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire.

M. le Président.- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Mme Minister Mady Delvaux. E gët un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Op eisem Ordre du jour steet elo d'Aktualitéitsdebatt iwwer déi éischt Tëschebilanz vum Gesetz iwwer d'Flegeversécherung.

Fir d'Regirung an déi fënnef Fraktiounen as eng Riednerzäit vu jeweils 30 Minutte virgesinn. Et hu sech bis elo ageschriwwen : déi Häre Glesener, Bettendorf, Lux, Gibéryen an Huss.

D'Wuert huet als éischt d'Sozialministerin, d'Mme Mady Delvaux-Stehres.

2. Débat d'actualité sur le premier bilan intérimaire concernant l'application de la législation en matière d'assurance dépendance.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de la Sécurité sociale.-* Här President, Dir Hären. Vü dass ech mech och wëll un déi Zäitlimit halen, géing ech proposéieren, dass ech eng kuurz Introduktioun maachen, fir nach herno Zäit ze hun op Froën ze äntwerten, déi am Débat opkommen.

Also e puer Remarken zur Flegeversécherung.

De Secteur vun denen ale Leit a vun den Handicapéierten as jo nët nei entdeckt gin an e besteet scho säit laanger Zäit an et as och ganz vill an deem Secteur geschitt iwwer Joren.

Wat nei as duerch d'Flegeversécherung, dat as, dass en neit Recht geschaaft gin as op eng Leeschtung, am Fall wou ee flegebedürfteg as. Zwetens as en neie Finanzement agefouert gin an domat as eng Garantie gin, dass dat Recht, dat een huet, och kann ageklot gin, well Suën iwwer Jore markéiert gin, fir déi Leeschtungen ze bezuelen. An drëttens as eng nei Institutioun mat an d'Spill komm, en neit Etablissement: d'Cellule d'évaluation et d'orientation, déi fir d'éischt feststellt wie flegebedürfteg as a wien nët, an déi zwetens eng zentral Roll an der Informatiounssammlung iwwer de Secteur vun de flegebedürftege Leit spillt an domadder eis wäertvoll Informatioune gët, souwuel wat d'Planifikatioun wéi wat d'Transparenz an deem Secteur ugeet.

Mir sin de Moment also an enger Restrukturatiounsphas. D'Flegeversécherung as säit dem 1. Januar vun dësem Jor a Kraaft. Mir hun e Bilan gemaacht no dräi Méint, an der Suerg, fir den Débat esou objektiv wéi méiglech ze halen a fir déi Transparenz ze schafen, déi mer eis erwaarden. Et kann ee sech natiirlech nët erwaarden, dass no dräi Méint e ganze Secteur, deen iwwer Jorzéngte gewuess as, komplett nei réorganiséiert as. Ech streiden och nët of, an dat geet jo och aus dem Rapport ervir, dass et Ufanksschwiregkete gin huet, Kannerkrankheten, wéi all grouss Reform et mat sech bréngt. Dofir sin ech frou, dass mer deen Débat hei hun, fir e bëssen ze objektivéiere wou d'Schwéierpunkten an d'Schwiregkete sin.

Déi éischt Chifferen: Mir kënne soen, dass mer ronn 6.000 Demanden erakritt hu vu Leit, déi vu sech aus mengen, si wire flegebedürfteg. Dat as de Gros, dee bis elo eran as. Pro Woch kommen ongeféier 80 Demanden era vu Leit, déi nach wëllen eng Leeschtung kréien. Dat schéngt mer den normale Rythme de croisière ze sin.

Déi éischt Remarque prinzipieller Natur as, dass d'Evaluatioun an duerno och d'Determinatioun, also d'Festleë wat flegebedürfteg Leit zegutt hun, vun de Services requis ausgeet. Dat heescht, jidderee kritt gesot op wat e Recht hätt oder Recht huet a wat e misst als Lee-